u

# PARBLAT

# VUN DER PAR MIERSCH

## Hellege Franziskus

3. November - 14. Dezember 2025

No. 07 / 2025



De 9. November 1989 ass d’Berliner Mauer gefall ...
d’Jar dono, viru 35 Jar also ass Däitschland nees vereent ginn.

Ee vun de gestierzte Mächtegen aus der deemoleger DDR sot eemol, iwwert d’Demonstratiounen déi zum Mauerfall gefouert hunn: „Mat allem hate mer gerechent, awer net mat Käerzen a Gebieder.“

Hoffentlech widderhëlt dat sech nach dacks an der Mënschegeschicht.

# Editorial

Mäin Numm ass Jean-Paul WAGENER. Ech si 67 Joer al a wunnen zanter 1988 zu Miersch. Zu Kautebaach, am schéinen Éislek, war ech och schonn an der Par aktiv an esou huet et net laang gedauert bis ech hei zu Miersch an der Equipe vun de Gottesdiensthelfer a Lektore mat geschafft hunn. Duerno gouf ech Member vum deemolege Parrot, wou ech dunn, no e puer Joer, och President gouf.
2017 sinn du verschidde Paren zesumme geluecht ginn an déi nei Par “Miersch Saint-François” ass entstanen. Ech gouf dunn och President vun dem neie Parrot. Zanter e puer Joer vertrieden ech den Dekanat Zentrum am “Conseil Pastoral Diocésain (CPD)”. An deem Gremium maache mir eis Gedanken iwwert de synodale Gedanken an seng Ëmsetzung um Terrain.
Als éischt hu mir gekuckt, wéi d’Aarbecht an de verschidde Paren an de Parréit am Land funktionéiert. Do ginn et allerdéngs grouss Ënnerscheeder. Mat enger grousser Zefriddenheet kann ech soen, datt mir am nationale Vergläich emol guer net esou schlecht do stinn. Mir hu wuel eng Rei vu Fräiwëllegen, déi a verschidde Beräicher aktiv sinn. Allerdéngs ass d’Altersmoyenne vun eise Benevollen relativ héich an et ass schwiereg fir nei Leit ze gewannen. Dofir solle mir verstäerkt an d’Jugendaarbecht investéieren.
Et ass däitlech ze gesinn, datt mir vill Jugendlecher no hirer Kommunioun ganz oder deelweis verléieren. Do musse mir an der Zukunft méi Efforte maache fir eis Kierch méi interessant fir des Zilgrupp ze gestalten.
Den Undeel vun auslännesche Matbierger an eisen Uertschaften hëlt zou, dofir solle mir versichen, och dës Leit besser an eis Pargemeinschaft ze integréieren.
Déi finanziell Méiglechkeete vun eise Pare ginn ëmmer méi kleng, mee trotzdeem solle mir versiche weiderhin am karitative Beräich aktiv ze bleiwen. Mir als Chrëschten hunn eng Verantwortung vis-à-vis vun eise schwächere Matbierger. Vun den éischte Chrëschten hunn si gesot: “Seht wie sie einander lieben.” Mir, och als Eenzelpersounen, musse méi Solidaritéit weisen.
E weidere Punkt, iwwer deen ech mir Gedanke maachen, ass d’Kommunikatioun. D’Kommunikatioun no bannen, also mat eise “Stammclienten” funktionéiert relativ gutt. Allerdéngs, d’Kommunikatioun no baussen, also vis-à-vis vun deene Leit, déi kaum Kontakt mat der Kierch hunn, ass extrem schwaach. Do mussen nei Weeër fonnt ginn, z.B. iwwer d’“Sozial Medien”.
Mee och jidderee vun eis ass gefuerdert. Gi mir eis no baussen als Chrëschten ze erkennen? Schwätze mir mat anere Leit, eise Frënn, eisen Noperen iwwer eise Glawen? Liewe mir eise Glawen?
Dat sinn e puer Gedanke vu mir. Elo iwwer déi Wanterméint kréie mir villäicht Zäit fir méi doriwwer nozedenken.
Zum Schluss nach e klengen Appell: A ville Beräicher vun eiser Kierch gi Fräiwëlleger gesicht fir kleng, mee och fir méi grouss Missiounen. Dofir mellt Iech fräiwëlleg fir an eiser Pargemeinschaft matzeschaffen.

Jean-Paul WAGENER

Mon nom est Jean-Paul WAGENER. J'ai 67 ans et j'habite à Mersch depuis 1988.
À Kautenbach, dans le beau pays de l'Oesling, j'étais déjà actif dans la paroisse, et il n'a donc pas fallu longtemps avant que je m'engage ici, à Mersch, dans l'équipe des aides à la célébration et des lecteurs. Par la suite, je suis devenu membre du conseil paroissial, dont j'ai pris la présidence quelques années plus tard.
En 2017, plusieurs paroisses ont été regroupées pour former la nouvelle paroisse « Mersch Saint-François », dont je suis également devenu le président du conseil paroissial.
Depuis quelques années, je représente le doyenné Centre au Conseil Pastoral Diocésain (CPD). Dans cet organe, nous réfléchissons à la dimension synodale de l'Église et à sa mise en œuvre concrète sur le terrain.
Nous avons d'abord examiné le fonctionnement du travail pastoral dans les différentes paroisses et communautés du pays. Les situations y sont très variées.
Avec une grande satisfaction, je peux dire que, comparés au niveau national, nous ne nous en sortons pas si mal. Nous avons en effet un certain nombre de bénévoles actifs dans divers domaines. Cependant, la moyenne d'âge de nos bénévoles est relativement élevée, et il est difficile d'attirer de nouvelles personnes. C'est pourquoi nous devrions investir davantage dans le travail avec les jeunes. On constate clairement que beaucoup de jeunes se détachent partiellement ou totalement de l'Église après leur première communion. Dans l'avenir, nous devrons faire plus d'efforts pour rendre notre Église plus attrayante pour ce public. La proportion de concitoyens étrangers dans nos localités augmente, et nous devrions chercher à mieux intégrer ces personnes dans notre communauté paroissiale.
Les ressources financières de nos paroisses se réduisent, mais malgré cela, nous devons continuer à rester actifs dans le domaine caritatif. En tant que chrétiens, nous avons une responsabilité envers nos concitoyens les plus fragiles.
Des premiers chrétiens, on disait : *« Voyez comme ils s'aiment ! »* - Nous aussi, individuellement, devons faire preuve de davantage de solidarité.
Un autre point qui me préoccupe est la communication.
La communication interne, c'est-à-dire avec nos « fidèles habituels », fonctionne plutôt bien. En revanche, la communication vers l'extérieur, avec les personnes qui ont peu ou pas de contact avec l'Église, est extrêmement faible. Il faut trouver de nouvelles voies, par exemple en utilisant davantage les réseaux sociaux.
Mais chacun de nous est aussi interpellé :
Nous faisons-nous reconnaître comme chrétiens dans la société ? Parlons-nous de notre foi avec nos amis, nos voisins ? Vivons-nous véritablement notre foi ?
Voici donc quelques-unes de mes réflexions. Pendant les mois d'hiver qui s'annoncent, nous aurons peut-être le temps d'y penser davantage.
Pour terminer, un petit appel : Dans de nombreux domaines de notre Église, on recherche des bénévoles pour des missions petites ou grandes.
Alors n'hésitez pas à vous engager volontairement dans la vie de notre communauté paroissiale !

Jean-Paul WAGENER

| | | |
|---|---|---|
| **MÉINDEG** | | **3. November** - hl. Pirminus (+ 752), hl. Hubertus (+ 727), hl. Martin vu Porres (+ 1639) |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass :** fir Famill Kill-Banck - dono **Anbetung** |
| **DËNSCHDEG** | | **4. November** - hl. Karl Borromäus (+ 1584) |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass :** fir Verstuerwe vun de Fam. Heinz a Weber - dono **Anbetung** |
| **MËTTWOCH** | | **5. November** |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Mass** |
| MIESDREF | 18.30 | **Mass :** Jm. fir Nico Schummer |
| **DONNESCHDEG** | | **6. November** |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass :** fir Fam. Kraus-Peschon |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass / messe** (op lëtzebuergesch et en français) - dono **Gebiet/prière** |
| **FREIDEG** | | **7. November - hl. Willibrord (+ 739)** |
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |
| GOUSSEL | 18.30 | **Anbetung / Adoration** |
| MIERSCH | 19.30 | **Bibellektür** am Paschtoueschhaus - d'Texter vum nächste Sonndeg - **partage biblique** |



**SAMSCHDEG 8.11.2025 / SONNDEG 9.11.2025**

## 32. Sonndeg am Jareskrees - Liesejar C
## Weihedag vun der Lateranbasilika

Ev: Lk 22,27-38 : « Hien ass net e Gott vun den Doudigen, mee vun de Liewegen ... »
oder Joh 2,13-22 : « Rappt dësen Tempel of, an dräi Deeg wärd ech e neess opriichten ... »

Kollekt : fir eis Kierchen

| | | |
|---|---|---|
| **SAMSDEG** | | **8. November** |
| BIERENG | 17.45 | **Kiermesmass :** Stfg. fir Maria a Francis Schoettert-Rehles |
| HËNSDREF | 17.45 | **Kiermesmass :** Jm. fir Richard Groff |
| ROLLENG | 19.00 | **Mass :** fir Fam. Lucas-Bach |

| | | |
|---|---|---|
| **SONNDES** | | **9. November** |
| Schëndels | 0830 | **Haupeschmass** |
| Blaaschent | 09.15 | **Kiermesmass :** Jm. fir Jean Redlinger a Mass fir Eugénie Redliner-Agnes / fir Mia an Hary Vrehen-Kretzer a Winny Vrehen - dono **Griewerseenung** |
| Recken | 09.15 | **Kiermesmass :** Stfg. fir Fam. Ewert-Cloos a Bové-Ewert |
| Lintgen | 10.30 | **Messe** en langue portugaise |
| Miesdref | 10.30 | **Mass :** Jm. fir Jos an Erny Kaufmann / Stfg. fir Fam. Schummer-Schmit |
| Miersch | 10.30 | **Mass :** 1.Jm. fir Guy Dahm |
| Larochette | 11.00 | **Messe** intercommunautaire |
| Mersch | 19.00 | **Messe** en langue française |
| **MÉINDEG** | | **10. November** |
| Goussel | 18.30 | **Mass :** fir Famill Krecké-Schroeder **-** dono **Anbetung** |
| **DËNSCHDEG** | | **11. November** - hl. Martin (+ 397) |
| Iechternach | 15.30 | **Pilgermass** zur Éier vum hl. Willibrord |
| **MËTTWOCH** | | **12. November** |
| Blannenheem | 10.30 | **Mass** |
| **DONNESCHDEG** | | **13. November** |
| Klouschter | 11.00 | **Mass** |
| Miersch | 18.30 | **Mass / messe** (op lëtzebuergesch et en français) |
| **FREIDEG** | | **14. November** |
| Bouffer-CIPA | 11.00 | **Mass** |
| Miersch | 18.30 | **Chapelet** de la miséricorde divine |



**SAMSCHDEG 15.11.2025 / SONNDEG 16.11.2025**

## 33. Sonndeg am Jareskrees - Liesejar C


Ev: Lk 21,5-19 : « Wann dir duerhaalt, kritt dir d'Liewen ... »

Kollekt: fir eis Kierchen

An de Cäciliemassen ass d'Kollekt fir eis Chorale

| | | |
|---|---|---|
| **SAMSCHDEG** | | **15. November** |
| Bouffer | 17.45 | **Kiermesmass :** fir Nic Boever / Stfg. fir Wohltäter |
| Lëntgen | 19.00 | **Mass :** Stfg. fir Fam. Schoellen-Stronck |

| | | |
|---|---|---|
| **SONNDEG** | | **16. November** |
| Recken | 09.15 | **Mass :** fir di Verstuerwe vun der Fam. Steichen Tibessart / fir di Verstuerwe vun der Fam. Weirich-Krettels |
| Fëschbesch | 10.30 | **Kiermesmass** a Mass zur Éier vun der hl. Cäcilia : Jm. fir Gast Bissen / op Meenung (L) / Stfg. fir Marguerite Neiberg / Jm. fir Florian Schanck |
| Lintgen | 10.30 | **Messe** en langue portugaise |
| Miersch | 10.30 | **Mass :** fir Fam. Wagner-Bill a Weis-Majerus |
| Mersch | 19.00 | **Messe du soir** en langue française |
| **MÉINDEG** | | **17. November** |
| Goussel | 18.30 | **Mass :** fir Famill Krecké-Jander - dono **Anbetung** |
| **DËNSCHDEG** | | **18. November** |
| Miersch | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| **MËTTWOCH** | | **19. November** - hl. Elisabeth vun Thüringen (+ 1231) |
| Blannenheem | 10.30 | **Mass** |
| Pëtten | 18.30 | **Mass :** fir Sisy an Erny Kerschen-Schumacher, Luise a Jean-Pierre Schumacher-Didier, Jos an Alain Schumacher, René Kerschen a Maria Kaiser-Kerschen, Catherine an Nicolas Kerschen-Wanderscheid, Famille Gillen-Mailliet / Stfg. fir Hilda a Roger Straus-Kirsch |
| **DONNESCHDEG** | | **20. November** |
| Klouschter | 11.00 | **Mass** |
| Miersch | 18.30 | **Mass / messe** (op lëtzebuergesch et en français) : fir de Père Josef Lorge a fir d'Joffer Éleonore Mattern - dono **Gebiet/prière** |
| Miersch | 19.30 | **Bibellektür** an der Kierch - d'Texter vum nächste Sonndeg - **partage biblique** |
| **FREIDEG** | | **21. November** |
| Bouffer-CIPA | 11.00 | **Mass** |




**SAMSCHDEG 22.11.2025 / SONNDEG 23.11.2025**

## Christus Kinnik - Liesejar C

Ev: Lk 23,35-43 : « Jesus, denk u mech, wanns du an däi Räich kënns ... »

Kollekt: fir eis Kierchen

An de Cäciliemassen ass d'Kollekt fir eis Chorale

| | | |
|---|---|---|
| **SAMSCHDEG** | | **22. November** - hl. Cäcilia (+ 250) |
| LUERENZWEILER | 17.45 | **Mass** zur Éier vun der hl. Cäcilia : fir Julot Diderich / fir Erny a Liette Lemmer-Esch / fir Pit Bach a Verst. vun der Fam. Bach-Rommes / fir Geschw. Damman |
| SCHËNDELS | 17.45 | **Kiermesmass :** fir René Malherbe, Andrée Malherbe-Louis, Marie-Thérèse Malherbe-Louis a John Nehrenhausen |
| LËNTGEN | 19.00 | **Mass** zur Éier vun der hl Cäcilia : fir Nic a Lisa Adam-Linden a Jos an Hortense Adam-Creton a Vic a Suzanne Schosseler-Hahn / fir Erny Bernotte a fir Anni a François Schmit-Hertges |
| ROLLENG | 19.00 | **Mass** zur Éier vun der hl. Cäcilia : fir Marie-Thérèse Serres-Meisch |
| **SONNDEG** | | **23. November** |
| LINTGEN | 10.30 | **Messe** en langue portugaise |
| MIESDREF | 10.30 | **Mass** zur Éier vun der hl. Cäcilia : Stfg. fir Ernestine Schintgen |
| MIERSCH | 10.30 | **Mass** zur Éier vun der hl. Cäcilia : fir di Verstuerwe vun der Famill Neyens-Lies / Stfg. fir Aline an Eugène Arendt-Mousel |
| LAROCHETTE | 11.00 | **Messe intercommunautaire** |
| MIERSCH | 15.00 | **Film Lager 103** - am Mierscher Theater sinn um 15.00 Auer an um 17.00 Auer d'Opféierunge vum Film vun dësem Jar zum Commemoratiounsdag |
| MERSCH | 18.00 | Une heure de **prières** et de **chants** avant la messe |
| MERSCH | 19.00 | **Messe du soir** en langue française |
| **MÉINDEG** | | **24. November** |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| **DËNSDEG** | | **25. November** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass :** fir Lëtzebuerger Märtyrer Stanleyville 1964: Schw. Marie-Loyola Kraus, Schw. Emilie Roob, Schw. Virginie Bach, Schw. Ludovica Bauer, Schw. François-Xavier Berens, Schw. Norbert-Marie Kaufmann, Pater Joseph Conrad a Pater Jean Trausch - dono **Anbetung** |
| **MËTTWOCH** | | **26. November** |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Mass** |

| | | |
|---|---|---|
| **DONNESCHDEG** | | **27. November** |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass / messe** (op lëtzebuergesch et en français) : 1.Jm. Schwester Christiane Meres |
| **FREIDEG** | | **28. November** |
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |




**SAMSCHDEG 29.11.2025 / SONNDEG 30.11.2025**

## 1. Advent - Liesejar A

Ev: Mt 24,29-44 : « Haalt iech prett, well de Mënschejong kënnt zu enger Stonn, wou dir net drop gefaasst sidd ... »

Kollekt: fir eis Kierchen

| | | |
|---|---|---|
| **SAMSCHDEG** | | **29. November** |
| BIERENG | 17.45 | **Mass :** Stfg. fir Fam. Aloyse Bleser-Kremer |
| LUERENZWEILER | 17.45 | **Mass :** Kolping Gedenkdag |
| LËNTGEN | 17.45 | **Familljemass** |
| MERSCH | 19.00 | **Spectacle Musical** « Moïse, le Prince d'Égypte » |






**Avent ... Préparez le chemin du Seigneur ...**




**Et laissons de la place au Seigneur, à ce que lui il puisse faire ...**
**Alors, relax ! Que de bonnes surprises nous attendent pour Noël !**

cf. les images - Prions en Église Hors-Série Noël 2025

| | | |
|---|---|---|
| **SONNDEG** | | **30. November - 1. Advent** - an hl. Andreas |
| LINTGEN | 10.30 | **Messe** en langue portugaise |
| MIERSCH | 10.30 | **Familljemass :** fir René Neyens an Eva Kirchen |
| **SCHOUSS** | 10.30 | **Mass :** Stfg. fir Elisabeth an Edmond Vaessen-Schnackers |
| MERSCH | 18.00 | Une heure de **prières** et de **chants** avant la messe |
| MERSCH | 19.00 | **Messe du soir** en langue française (Rorate) :pour Julia de Magalhaes Manuel Oliveira Maria de Jesus Oliveira Teixeira Manuel Teixeira de Magalhaes - - après la messe : **Agape** |
| **MÉINDEG** | | **1. Dezember** - hl. Charles de Foucauld (+ 1916) |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| **DËNSCHDEG** | | **2. Dezember** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass :** fir abbé Matthias Reuter - dono **Anbetung** |
| **MËTTWOCH** | | **3. Dezember** - hl. Franz Xaver (+ 1552) |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Mass** |
| MIESDREF | 18.30 | **Mass :** fir Fam. Schummer-Schmit / fir Marguerite Kobs-Sonntag |
| MIERSCH | 19.30 | **Bibellektür** am Paschtoueschaus - d'Texter vum nächste Sonndeg - **partage biblique** |
| **DONNESCHDEG** | | **4. Dezember** - hl. Barbara (+ 306) |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 18.30 | **Rorate-Mass / messe rorate**(op lëtzebuergesch et en français) - dono **Gebiet/prière** |
| **FREIDEG** | | **5. Dezember** |
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |
| GOUSSEL | 18.30 | **Anbetung / Adoration** |



**SAMSCHDEG 6.12.2025 / SONNDEG 7.12.2025**

**2. Advent - Liesejar A**

Ev: Mt 3,1-12 : « Denkt ëm, well d'Himmelräich ass um Kommen ... »

Kollekt: fir eis Kierchen

| | | |
|---|---|---|
| **SAMSCHDEG** | | **6. Dezember** - hl. Nikolaus (+ 350) |
| BOUFFER | 17.45 | **Mass :** fir Nic Boever |
| LËNTGEN | 19.00 | **Roratemass** |

| | | |
|---|---|---|
| **SONNDEG** | | **7. Dezember** - hl Ambrosius (+ 397) |
| MIERSCH | 09.00 | **Télésmass** iwwerdroen aus der Mierscher Kierch organiséiert zesumme mat der Fondation Ste.-Irmine |
| LINTGEN | 10.30 | **Messe** en langue portugaise |
| RECKEN | 10.30 | **Mass :** fir di Verstuerwe vun der Fam. Weirich-Krettels / Stfg. fir Fam. Siebenaller-Steil / Stfg. fir Fam. Cloos-Kahn-Erpelding |
| LORENZWEILER | 17.00 | **Messe** catholique - rite byzantin en langue arabe |
| MERSCH | 18.00 | Une heure de **prières** et de **chants** avant la messe |
| MERSCH | 19.00 | **Messe** en langue française |
| **MÉINDEG** | | **8. Dezember** - **Muttergottes ouni Ierfsënd empfaangen** |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass** - dono Anbetung |
| **DËNSCHDEG** | | **9. Dezember** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| **MËTTWOCH** | | **10. Dezember** - Proclamatioun vun de Mënscherechter (1948) |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Mass** |
| **DONNESCHDEG** | | **11. Dezember** |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 18.30 | **Rorate-Mass / messe rorate** (op lëtzebuergesch et en français) : fir Romain Kremer |
| **FREIDEG** | | **12. Dezember** - hl. Jeanne-Françoise de Chantal (+ 1641) |
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 18.30 | **Chapelet** de la miséricorde divine |



**SAMSCHDEG 13.12.2025 / SONNDEG 14.12.2025**

## 3. Advent - Liesejar A

Ev: Mt 11,2-11: « Bass du deen dee komme soll, oder musse mir op en anere waarden ? ... »

Kollekt: fir eis Kierchen

| | | |
|---|---|---|
| **SAMSCHDEG** | | **13. Dezember** - hl. Lucie (+ 304) |
| BOUFFER | 17.00 | **Concert** - Carol Concert (The Christmas Tree Singers)<br>De Stuart Alexander schreift dozou: *This year the choir will trace the story of the nativity in music but they close with their traditional ending*.<br>Dir sidd häerzlech wëllkomm. |
| BIERENG | 17.45 | **Mass** |
| LUERENZWEILER | 17.45 | **Mass :** fir Pit Bach a Verst. vun der Fam. Bach-Rommes / fir Fam. Reiners-Damman / fir Anna Boever-Meyers |
| ROLLENG | 19.00 | **Mass** |
| **SONNDEG** | | **14. Dezember** - hl. Johannes vum Kräiz (+ 1591) |
| BLAASCHENT | 09.15 | **Mass :** fir Eleonor a Josy Degraux-Orths |
| LINTGEN | 10.30 | **Messe** en langue portugaise |
| MIESDREF | 10.30 | **Mass** |
| MIERSCH | 10.30 | **Mass :** fir Famill Wagener-Weis |
| MERSCH | 18.00 | Une heure de **prières** et de **chants** avant la messe |
| MERSCH | 19.00 | **Messe** en langue française - après la messe : **Agape** |

## Pilgermass zur Éier vum hl. Willibrord, den 11. November zu Iechternach

D'Par Aterdall zesummen mat de Paren Rammerich a Miersch pilgeren
op Iechternach en Dënschdeg, de 11. November 2025
Programm vum Dag:
Départ vum Bus um 13.55 Auer op der Mëchelsplaz.
Um 15.30 Auer - Pilgermass fir d'Dekanat Zentrum an der Basilika
Um 18.15 Auer - Départ zu Iechternach. Mir sinn géint 19.30 Auer erem zréck.
Präis vum Bus: 15€ / Persoun.
Umeldungen per Mail atertdall@cathol.lu oder 661 746 852 bis den 5. November.

Chers paroissiens, la paroisse Atertdall ensemble avec les paroisses Rambrouch et Mersch organise un bus de pèlerinage à Echternach pour l'octave Saint-Willibord, le mardi 11 novembre 2025.
Départ du bus à 13.55 heures à la place St.-Michel à Mersch
À 15.30 h - Messe des pèlerins du doyenné « Centre »
À 18.15 h - Départ à Echternach. Nous serons de retour vers 19.30h.
Le prix du voyage: 15€ / Personne.
Inscription par mail : atertdall@cathol.lu ou 661 746 852 avant le 5 novembre.

## Bureauszäiten
## dënschdes a freides moies vun 9.00 bis 12.00 Auer

Op eisem Répondeur - an och hei um Parziedel - fannt Dir eis Telefonsnummeren, wou Dir äis erreeche kënnt, fir all wichtig Ugeleeënheeten;
mee fir alles wat misst notéiert ginn, wi z.B. Massbestellungen asw. biede mer Iech d'Bureauszäiten ze wielen, well soss de Risiko vum Vergiessen ze grouss ass.

## Beichtgeleeënheet

Mir maachen d'Propose, dass dënsdes repektiv Sonndesowes eng hallef Stonn virun der Mass d'Méiglechkeet vun enger Beicht oder engem Beichtgespréich besteet.

## Bibellektür zu Miersch

Dobäi ginn d'Texter vum nächste Sonndeg gelies.
Treffpunkt: Kierch vu Miersch oder am Paschtoueschhaus - 19.30-20.30 Auer, ongeféier all 14 Deeg, de 7.11.25, den 20.11.25, den 3.12.25 an de 16.12.25.
Dir sidd ganz häerzlech wellkomm - och wann der just nëmme lauschtere wëllt.

## An eegener Saach

Den 10. November 2025 gëtt den abbé Pierre Habarurema operéiert a wärd enger 3 Wochen net am Asaz sinn. Mir wënschen dir, abbé Pierre, eng gutt Besserung an hoffen dass du nees geschwënn gesond a monter um Dill bass.

Hei de Message vum abbé Pierre selwer :

*Chères sœurs, chers frères,*
*Mon corps a besoin d'un petit service, comme une machine qui doit parfois passer au garage. Au début du mois de novembre, je serai à la clinique d'Ettelbruck.*
*Si je m'absente quelques jours, vous saurez pourquoi.*
*Je vous confie cette étape dans vos prières, et je vous garde dans les miennes.*
*À bientôt, si Dieu le veut.   Abbé Pierre Habarurema*

*Léif Bridder a Schwësteren,*
*Mäi Kierper brauch e klenge Service, wéi eng Maschinn déi mol muss an d'Garage.*
*Ufank November ginn ech an d'Klinik vun Ettelbréck.*
*Wann ech e puer Deeg net do sinn, da wësst Dir firwat.*
*Ech bieden iech, mech an äre Gebieder ze behalen - ech denken och un iech.*
*Bis geschwënn, wann den Här et wëll.   Abbé Pierre Habarurema*

## Opruff fir eng finanziell Hëllef fir eist Parblat an de Bürosbetrieb

Well mir vill Käschten hu fir d'Parblat ze drécken
- plus alles wat geprint gëtt
- eleng dëse Betrag beleeft sech op iwwert 6.000 €;
an och aner Käschte fir de Bürosbetrieb ufalen
(zB. musse mer d'Hallschent vun der Paie vun eiser Sekretärin selwer bezuelen),

wollte mir Iech froen, op Dir äis vläicht hëllefe wéilt mat engem Don
op de CGP 13 (Conseil de Gestion Paroissial)
(dat ass de gemeinsame Compte vun de 4 Kierchefabricken aus eiser Par, iwwert deen all di gemeinsam Ausgabe finanzéiert ginn
- wéi zB. d'Sekretariat, de Parbréif, d'Hostien asw.).
Iwwriens kënnt Dir dësen Don och bei der Steiererklärung uginn.

Mir froen ëm är Mathëllef, well mer net genuch Akommes an eise Kierchen hu fir alles ze finanzéieren - dëst bedéngt och doduerch, dass ëmmer méi Käschte vun de Kierchefabricke selwer mussen iwwerholl ginn, dëst säit der Trennung Kierch-Staat virun 10 Jar.

**Kierchefong C. T. / MIERSCH**
**LU80 0019 5055 6667 0000 (BCEE)**
**Vermierk: Don fir de Parbüro**

E ganz grousse Merci elo schonns - an och e grousse Merci alle léiwen Donateure vun der leschter Zäit.

## Projet Bis am Bus

Mersch est un lieu de rencontre entre de nombreuses cultures - un endroit où les histoires, les traditions et les langues se croisent chaque jour. Mais comment apprendre réellement à se connaître et vivre ensemble notre commune ? C'est la mission de *Mir wëllen iech ons Heemecht weisen asbl*, et c'est tout le sens du projet Bis am Bus.

Depuis son arrivée en septembre, Bis am Bus rassemble des habitants venus des quatre coins de la commune. De nouveaux visages ont découvert les traditions merscheroises comme la Kiermes et le Eenelter Maart, tandis que de nouvelles amitiés se sont créées autour du tennis de table, du line dancing et de la cuisine. Autour de notre bus interculturel, nous partageons des activités, échangeons nos histoires, découvrons nos cultures respectives et la beauté de notre région - le tout dans une ambiance simple et conviviale.

Pour clôturer cette belle aventure, Bis am Bus vous invite en décembre à son festival interculturel, avec l'exposition sonore *« Mir schwätze Miersch »*, un concert de notre voisin Serge Tonnar, ainsi que l'atelier participatif « From dance to trance ».
Rejoignez-nous les 6 et 7 décembre !
Retrouvez le programme complet sur onsheemecht.lu.

## Versammlungen

**De Parrot** vu Luerenzweiler trefft sech
den 6.11.25 resp. de 4.12.25 um 20.00 Auer am Foyer zu Luerenzweiler.
De Conseil d'Administration vun den **Œuvres Paroissiales** vu Miersch trefft sech
den 18.11.25 um 20.00 Auer am Paschtoueschhaus.

## Virbereedung vun der nächster Familljemass

Fir Iddien ze sammelen treffe mer äis de 14.12.25
um 19.00 Auer am Paschtoueschhaus.
De 26.11.25 treffe mer äis der Mierscher Kierch um 18.00 Auer fir d'Mass virzebereeden zesumme mat Kanner, déi mathëllefen wëllen an der Familljemass zu Miersch den 30.11.25
an zu Lëntgen an der Kierch ass esou en ähnlecht Treffen de 27.11.25
um 18.00 Auer fir d'Familljemass zu Lëntgen den 29.11.25.

## Calendrier Ad Pacem 2026

À la fin des messes du Weekend 22.-23.11.2025 un responsable de l'association « Ad Pacem Servandam » - « Pour la paix et contre la guerre »
présentera leur calendrier-solidarité 2026.
*Le calendrier 2026 a pour thème la Ligne Gothique, appelée aussi Ligne Verte par les Nazis. En 1944-1945, les soldats allemands avaient établi une ligne de défense dans le centre-nord de l'Italie afin d'arrêter l'avancée des Alliés. Des combats cruels et des massacres ont eu lieu le long de cette ligne, qui s'étendait sur 320 km de la mer Adriatique à la mer Tyrrhénienne.*
Le bénéfice sera pour l'organisation non gouvernementale SEMA en Ukraine. Celle-ci accompagne les femmes qui ont été maltraitées, torturées et violées par les soldats russes pendant la guerre.
*La diffusion de notre calendrier de solidarité est pour nous une activité annuelle importante en faveur de la paix et de l'aide concrète et solidaire aux victimes de la guerre en Europe. Nous concevons nous-mêmes le calendrier et le vendons au prix de 10 €*

Claude Pantaleoni (diacre)

# Käerzeverkaf

zu Gonschte vun der Hëllef vun OTM zu Haïti ...
D'Käerze gi wärend der Adventszäit an de verschiddenen Kierchen
no der Mass verkaft.




Voici un exemple du travail de OTM en Haïti.

**Une deuxième stratégie** est la distribution de semences pour environ 550 familles paysannes; la distribution de cabris pour 50 familles et la formation sur les techniques de compostage, de conservation de semences et d'élevage de race améliorée de cabris pour 100 paysans. A travers la production végétale et animalière, les familles touchées auront la possibilité de se nourrir et éventuellement de commencer des activités génératrices de revenus (vente d'une partie des récoltes, vente de produits transformés etc.), et cette aide contribuera donc à leur propre consommation et une stabilisation de leurs revenus et dépenses à moyen terme.

Hei hiere Compte, wann dir hinnen hëllefe wëllt:
Objectif Tiers Monde asbl
CCPL LU22 1111 0468 7726 0000

Weider Infoë fannt Dir ënnert: www.otm.lu

D'CHORALE STE CECILE VU ROLLENG / MIERSCH

INVITÉIERT OP EEN

# Hierscht Iessen

**SONNDES DEN 16. NOVEMBER**

**UM 12.00 AUER AM VERÄINSBAU ZU ROLLENG**

**MENU:**

**WËLD- ODER RËNDSGULASCH**
mat Gratin a roudem Kabes
an enger Taass Kaffi

**PRÄIS:**

**25.- EURO**

Mellt Iech w.e.g. bis den 11.11.25 um
Tel: 691 533 426 / 661 170 253 un

**GEBÄK - TOMBOLA**

# Foto Ausfluch vun der Rollenger Chorale




D'Chorale vu Rolleng hat en Ausflug vun puer Deeg an d'Schwäiz organiséiert.
Um Programm stungen eng Visit vu Chur a mat der Schwäizer Eisebunn eemol op Arosa (Foto) a mam Bernina Express bis an Italien op Tirano.
Et waren puer schéiner Deeg mat enger flotter Gesellschaft!
Zesumme mat hinne waren och d'Chorale vun Fëschbech-Angelsbierg-Schous a puer Sympathisanten ënnerwee.

## Adventsfeier an der Rollenger Kierch

organiséiert vum Parrot an der Chorale Ste.-Cécile vu Rolleng,
Sonndes, de 14. Dezember 2025 um 16.00 Auer.

Et sengt d'Chorale Ste.-Cécile Niederwampach-Schimpach.
Dirigentin an Organistin: Maddy Cannar-Boever

Duerno gemittlecht Zesummesinn am Veräinsbau.
Verkaf vun Arrangementer, Kaarten a Chrëschtdekoratioun.
Den Erléis ass fir d'Adventsaktioun vun der Par Miersch.

# Liewensmëttelpäck fir aarm Familljen a Rumänien an Ukrain vum 1.11. - 20.11.2025

D'Këschte mussen all d'selwecht gefëllt si mat folgende Saachen:

| | | |
|---|---|---|
| 1 kg Zocker | 250 g Kaffi am Pack | 2x Vitaminbrausetabletten |
| 1 kg Miel | 250 g Back-Kakao | Kichelcher |
| 1 kg Räis | Friichtentéi | Kamellen |
| 1 kg Spaghetti | 500 g Margarine | 400 g Schockela |
| 2 Fëschkonserven | | Chrëschtdagskaart |
| 4 Päck Zoppen à 4 Telleren | | 1 kg Schmull (*semoule de blé*) |
| 2 Fëschkonserven | | |

Gitt dës gefëllte Këschte w.e.g. virum **20. November 2025** op de Sammelplazen of.

Dir hutt awer och d'Méiglechkeet fir Geld op de Sammelplazen ofzeginn fir Këschte vun eis fëllen ze loossen (**40 € pro Këscht**) oder en Don op de Kont ze machen. Zou Olm sammele mir ausserdeem Kannerspillsaachen, Veloen, Babybettercher mat Matratz a Gedecks, komplett Kannerkutschen, Buggys a waarm Kleeder an Decken. Alles w.e.g. an engem properen a gudden Zoustand. Villmols Merci.

Viviane an Charel ELSEN-FELTUS
12, rue um Lehm
L-7596 Reckange/Mersch
Email : elsench8@pt.lu / Tél. : 32 75 42

*KANNER AN FAMILLJENHËLLEF a.s.b.l.*

Siège social: 7, rue de Kehlen L-8394 Olm Tel: 661 309 320
CCPLLULL LU61 1111 7038 8755 0000 RCS: F10515





**PASTORALTEAM** | Telefon:
Félix Steichen, Paschtouer-Moderateur 691 320 059
Pierre Habarurema, Paschtouer 691 172 990
Jakob Zeilinger, Kaploun 621 416 318
Aline Aust, Krankeseelsuerg 621 754 984
Josiane Rommes, Krankeseelsuerg 621 700 617
Tanja Konsbrück, Haaptamtlech Katechetin (dënschdes a donneschdes moies) 691 879 730
Père André Lauer Favoretti, aumônier communauté portugaise 621 788 351
Leonardo Pulia, Diakon 621 721 097

**PARBÜRO MIERSCH**

8, rue Jean Majerus
L-7555 Mersch

**Bureauszäiten: dënsdes a freides**
**vun 9.00 bis 12.00 Auer**

Tel: 32 00 59
Angela Schroeder-Mongelli, Sekretärin
e-mail: miersch@cathol.lu
http://cathol.lu/miersch

Fir eng Massintentioun ze bestellen kënnt Dir entweder am Mierscher Parbüro uruffen oder eng Mail schécken u miersch@cathol.lu
De Präiss fir eng Intentioun an enger
- Wochemass : 20€ -> Sonndesmass : 30€

Dëse Montant kënt Dir iwwerweisen un :
Well de Numm vun de Compte bei de Viremente ganz exakt mussen ugi ginn, an et *am Moment wou mir dëse Parziedel veröffentlichen nach net klappt well mer d'Nimm nach net hunn, hu mir elo just de Compte vum CGP dee fonktioneiert (dat ass eise gemeinsame Compte vun alle Kierchefabricken). Mir bieden Iech all Är Viremente heidropper ze maachen - schreift just bei der Kommunikatioun genee fir wat Äre Virement ass.*
*Comme le nom les comptes doivent être indiqués de manière tout à fait exacte pour les virements, et que, pour le moment, nous ne les connaissons pas encore, nous disposons actuellement uniquement du compte du CGP, qui fonctionne - c'est notre compte commun à toutes les fabriques d'église.*
*Nous vous prions donc d'effectuer tous vos virements sur ce compte ; veuillez simplement indiquer dans la communication l'objet exact de votre virement.*

**Kierchefong C. T. / MIERSCH**
**LU80 0019 5055 6667 0000 (BCEE)**

Dat nächst Parblat geet vum 14. Dezember 2025 bis de 25. Januar 2026
Redaktiounsschluss ass dënschdes, de 9. Dezember 2025